CSV

# OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV STENGEFORT /// JULI 2015

## /// NEIES AUS DER GEMENG STENGEFORT

## STENGEFORT - FAIRTRADE GEMENG





Esou, wéi mir et an eisem Wahlprogramm annoncéiert a versprach haten, hunn eis Vertrieder am Schäffen- a Gemengerot während zwee Joer dru geschafft, fir dass eis Gemeng déi 20. Gemeng konnt ginn, déi de Label „Fairtrade Gemeng" däerf affichéieren.

En Aktiounsgrupp gouf constituéiert, fir alles an d'Weeër ze leeden, fir dass d'Gemeng de Label soll kréien. Ënnert der Leedung vun eise Vertrieder huet dëse Grupp déi néideg Schrëtt an Aktiouen ënnerholl.

Den 19. Abrëll, am Kader vun engem flotte „Fairtrade Brunch", konnt de Buergermeeschter de Label an Ëmfang huelen. Déi iwwer 80 Leit, déi um Brunch deelgeholl hunn, kruten Explicatiounen zum fairen Handel vun enger Responsabeler vu „Fairtrade Lëtzebuerg".

De Label ass dat siichtbaart Zeechen, dass eis Gemeng Efforte mécht, fir bei hiren Akeef de Produiten aus dem fairen Handel eng Prioritéit z'accordéieren.

Dës Demarche dréit dozou bäi, dass d'Producteuren méi gerecht Präisser kréien, dass keng Kanneraarbecht an deene Produite stécht an dass op der Plaz sozial an edukativ Mesure fir d'Leit ëmgesat ginn.

Op dës Manéier ënnersträiche mir eis Objektiver vu Solidaritéit, och no baussen, mat de Leit, déi a Länner liewen, déi net eise Wuelstand an eis Facilitéiten hunn.




*Comme nous l'avions annoncé dans notre programme électoral, nos élus au collège échevinal et au conseil communal ont œuvré durant deux ans afin de permettre à notre commune de devenir la 20ième commune du Luxembourg pouvant afficher le label «Fairtrade Gemeng».*

*Le groupe d'action «Fairtrade», sous le «lead» de nos élus a mis en œuvre les démarches nécessaires pour que la commune puisse se voir attribuer le label lors du Fairtrade brunch du 19 avril à la maison Diederich.*

*Les quelques 80 participants au brunch ont reçu les explications nécessaires sur le label par une responsable de «Fairtrade Lëtzebuerg».*

*Le label est le signe visible que désormais notre commune s'engage à donner une priorité aux produits issus du commerce équitable lors de ses achats. Cette démarche assure aux producteurs des prix plus justes, évite le travail des enfants et garantit des mesures sociales et éducatives.*

*Ainsi, fidèles à nos objectifs, nous avons marqué un signe de solidarité avec les plus démunis dans les pays en voie de développement.*

# GRASS, E KLENGT DUERF GËTT GROUSS | *GRASS, PETIT VILLAGE EN PLEIN ESSORT*






Grass entwéckelt sech zu engem wichtegen Duerf an eiser Gemeng:

- grouss Lotissementsprojete si geplangt a gi realiséiert, esou dass d'Awunnerzuel sech méi wéi verdueble wäert
- Verbesserung vun der Liewensqualitéit duerch nei Infrastrukturen am Duerfkär: Waasser- an Ofwaasserleitungen, Gaz-, Elektresch- an Telekommunikatiounsleitungen ginn erneiert an d'Stroosse gi réaménagéiert
- e Projet, fir en neie Wee, fir Foussgänger a Vëlo, ass geplangt, fir, am Sënn vun der „Mobilité douce", d'Ubannung un d'Klengbettener Gare ze verbesseren
- d'Realisatioun vum ZARO (Zone d'Activité économique Régionale de l'Ouest), fir artisanal Kleng- a Mëttelbetriiber bedeit:

• 28 ha Surface fir Betriiber
• Plaz, fir ronn 70 Betriiber, e Restaurant an eng Crèche
• ökologesch Kritäre ginn am ZARO grouss geschriwwen
• duerch d'Ubannung vum ZARO un Autobunn, gëtt den Impakt op eis Dierfer minimiséiert.

Duerch de groussen Asaz vun den CSV-Vertrieder am Schäffen- a Gemengerot, Jean-Marie Wirth, Tom Matarrese, Bénédicte Janne, Anne Houllard a Georges Zeimet kritt Grass eng nei a wichteg Roll an eiser Gemeng ze spillen.

*Grass est en train de se développer pour devenir un village phare de notre commune :*

- *de grands projets de lotissements engendreront un doublement de la population et sont en phase de planification et de réalisation*
- *amélioration de la qualité de vie grâce à de nouvelles infrastructures au centre de l'agglomération : réseaux canal, eau, gaz, électricité, télécommunications, ainsi que le réaménagement du tracée de la route*
- *projet d'une jonction de Grass à Kleinbettingen moyennant un chemin pour mobilité douce permettant une meilleure liaison avec la gare de Kleinbettingen*
- *réalisation du ZARO (Zone d'Activité économique Régionale de l'Ouest) pour petites et moyennes entreprises artisanales:*

• *28 ha de surface pour les entreprises*
• *environ 70 firmes peuvent s'y implanter, de même qu'un restaurant et une crèche*
• *une attention particulière est accordée aux critères écologiques*
• *l'impact environnemental sur nos villages est minimisé grâce à la connexion directe à l'autoroute.*



*Les représentants du CSV (Jean-Marie Wirth, Tom Matarrese, Bénédicte Janne, Anne Houllard et Georges Zeimet) au sein du collège des bourgmestre et échevins et au conseil communal ont œuvré sans relâche afin que Grass puisse vivre un renouveau et sera appelé à jouer un rôle important dans la commune de Steinfort.*

# D'CSV STENGEFORT HUET MATGEMAACH BEI „72 STONNE BÉNÉVOLAT" | *CSV STENGEFORT A PARTICIPÉ À L'ACTION « 72 HEURES DE BÉNÉVOLAT »*



Op nationalem Plang huet d'Agence du Bénévolat dëst Joer fir d'zweete Kéier en Opruff gemaach, fir verschidden Aktiounen oder partizipativ Projeten z'organiséieren. Dëst war de Weekend vum 15. bis de 17. Mee, wou sech all d'Bierger no Loscht a Laun bedeelege konnten.

Als CSV Stengefort hate mir beschloss, fir eis un dëser Aktioun ze bedeelegen. Mir haten eis drop geeenegt, fir eppes fir d'Bewunner aus dem Stengeforter Spidol (HIS) ze maachen.

Samschdes si mir zu e puer mat enger Rei Bewunner vum HIS mam Rollstull spadséiere gefuer. No dësem flotten Tréppeltour a regem Gepoters, hu mir d'Bewunner vun de verschiddene Stäck aus dem Spidol an d'Kapell gefouert, fir dass si konnten un der Sonndesmass deelhuelen.

Sonndes nomëttes hu mir am HIS Eisekuche fir d'Bewunner an hir Famillje gebak. Esou konnten eng 70 Bewunner ee gemittlechen Nomëtteg zesumme verbréngen.
Mat dëser konkreter Aktioun wollte mir d'Wichtegkeet vum Bénévolat ënnerstäichen an nei Leit iwwerzeegen, fir sech am Bénévolat z'engagéieren. Wann Dir d'"72 Stonne Bénévolat" verpasst hat: et ass ni ze spéit, fir eng Hand unzepaken!

*Au niveau national l'Agence du Bénévolat avait lancé un appel pour organiser différentes actions ou projets participatifs lors de la 2e édition de cette campagne organisée le weekend du 15 au 17 mai dernier et ouverte à la participation bénévole de toute personne motivée.*

*En tant que CSV Stengefort, nous avions opté pour une action en faveur des habitants de la maison de soins de Steinfort (HIS).*

*Samedi après-midi nous avions proposé aux habitants de les promener en chaise roulante. Après cette promenade plaisante et des papotages intensifs, nous avons accompagné les patients des différents étages de l'hôpital à la chapelle où ils pouvaient participer à la messe dominicale.*

*Dimanche après-midi, nous avons cuit des gaufres au HIS que nous avons offertes aux habitants du HIS ainsi qu'à leurs familles en visite.*

*Avec cette action concrète nous voulions souligner l'importance du bénévolat et éventuellement inciter d'autres gens de s'engager comme bénévoles. Si vous avez raté les «72 heures de bénévolat» : il n'est jamais trop tard pour franchir le pas vers le bénévolat !*





**GRAD ELO!**

GITT MEMBER VUN DER CSV STENGEFORT

B.P. 826 - L-2018 Lëtzebuerg /// E-mail csv@csv.lu - Tel 22 57 31 1 oder schreift Iech via Onlineformulaire an op csv.lu/member-ginn

# SAMMLERBOURSE 2015 | *BOURSE DU COLLECTIONNEUR 2015*



Säit 21 Joer organiséiert d'CSV Stengefort hir Bourse du Collectionneur. Do fannen d'Sammler vun ale Postkaarten, BDen, Mënzen oder och soss Sammlergéigestänn hiert Gléck.

2014 hate mir décidéiert, fir een Deel vun eise Recetten dem „Télévie" zoukommen ze loossen. Esou konnte mir dëst Joer, am Kader vun der Journée du Télévie e Scheck vu 600 € iwwerreechen.

2015 si mir dem „Télévie" trei bliwwen an hunn erëm en Deel vun de Recette vun eiser Bourse gespent.

Mir wëllen den Don 2015 awer nach erhéijen a spenden dofir och en Deel vun de Recetten, vun eisem neie Projet: dem „Mullefest", dat mir de 26. September 2015 organiséieren.

2016 ass eis Bourse de 16. a 17. Abréll. Mir invitéieren Iech häerzlech op all eis Aktivitéiten, fir esou den „Télévie" z'ënnerstetzen.

*Depuis 21 ans le CSV Stengefort invite à sa Bourse du Collectionneur au cours du mois d'avril. On y trouve des anciennes cartes postales, des BD rares, des monnaies ainsi que beaucoup d'autres objets de collection.*

*En 2014 l'équipe organisatrice avait décidé de faire un don au «Télévie» en cédant une partie du bénéfice réalisé lors de la manifestation.*

*Ainsi nous avons pu remettre un chèque de 600 € lors du «Télévie» 2015.*

*Nous sommes restés dans la même optique en rééditant notre geste en 2015. Nous comptons augmenter notre don en nous mobilisant lors de notre nouveau projet : un «Mullefest» que nous organiserons le 26 septembre 2015.*

*En 2016 notre Bourse aura lieu le weekend du 16 au 17 avril. Vous êtes cordialement invités à toutes nos activités afin de soutenir le «Télévie».*

**facebook.com/pages/CSV-Steinfort**

**steinfort.csv.lu**




Ënnert der Responsabilitéit vun der CSV Sektioun Stengefort